# *1.Mee-Ried*

vum Nora Back

Präsidentin vum OGBL

den 1. Mee 2023

---

Discours sous embargo jusqu'à la fin du discours prononcé.

Seul le prononcé fait foi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Léif Frënn,

Merci!

Ech soen iech all villmools Merci fir är Präsens haut de Moien. Well dat bedeit eppes.

Natierlech si mer net am nämmlechte Film wéi d'lescht Joer, wou mer am Konflikt mat der gesamter Regierung an dem Rescht vun de Sozialpartner zu Lëtzebuerg waren. An natierlech hu mer keng grouss kämpferesch Maniff dëst Joer um 1.Mee, ebe grad well mer net méi am Konflikt sinn.

Mee mir wëssen awer och firwat dat esou ass... an zwar well mer eis duerchgesat hunn. Well eise leschten 1.Mee e Bommesuccès war. A mer zënter dem Scheitere vun der Mäerztripartite net méi opgehalen hunn. Well mer eis gewiert hunn, op der Strooss, an de Betriber, um Verhandlungsdësch... a mer domat eppes erreecht hunn.

An dorop kënne mer houfreg si Kolleeginnen a Kolleegen, datt duerch den onermiddlechen Asaz vum OGBL (a just vum OGBL) d'Kafkraaft vun de Leit erhale gouf.

Et ass nämlech haut ronn ee Joer hier, wou d'Patronat eng grouss ugeluechten Attack op den Indexsystem lancéiert huet.

Zesumme mat der Regierung an zwou Gewerkschaften hunn si am Mäerz 2022 decidéiert d'Indexéierung vun eise Léin auszesetzen.

Mir hunn net vergiess, datt mir déi eenzeg waren, déi sech dogéint gewiert hunn. Mir hunn net ënnerschriwwen an hunn un eiser rouder Linn festgehalen. An dat mat Erfolleg!

Mir hunn et nämlech fäerdeg bruecht, datt e puer Méint drop decidéiert ginn ass, fir eisen Indexsystem nees normal weiderlafen ze loossen.

An dëst Joer am Mäerz sinn d'Sozialpartner nach e Schratt méi wäit gaangen, an hunn den Index formell fir d'Zukunft ofgeséchert.

Den Index war awer net dat eenzegt Thema an den Tripartitte vu September 22 a Mäerz 23.

- D'Deckelung vun den Energiepräisser gouf verlängert.
- Et goufen nach wichteg Moossnamen ergraff, wéi zousätzlech Hëllefen am Wunnengsbau an an der ökologescher Transitioun.
- A virun allem, ass endlech, op Drock vun d Gewerkschaften hin, d'Steiertabell eng éischte Kéier zënter laange Joren e Stéck un d'Inflatioun ugepasst ginn.

Alles dat, Kolleeginnen a Kolleegen, wier ouni eise Courage an eisen Asaz säit dem leschte Joer ondenkbar gewiescht.

Alles dat ass just d'Resultat vun eisem gemeinsamen Engagement!

Mir sinn haut en OGBL, dee gestäerkt aus enger haarder Zäit erausgeet. Dee vun alle Säiten attackéiert ginn ass a wou versicht gouf en als isoléiert duerzestellen.

Ech erënneren drun: Isoléiert waren déi, déi mengen si wieren all an engem Boot an déi dunn op engem waarme Stull an engem Schlass d'Indexmanipulatioun beschloss hunn.

Mir waren dat net. Mir sinn dat net a mir wäerten dat ni sinn, Kolleeginnen a Kolleegen.

An haut op eisem 1.Mee, um Dag vun der Aarbecht, sti mir hei, fir weiderhin all d'Leit an der Aarbecht an an der Pensioun ze verdeedegen.

Well och, oder grad, wann mer vill erreecht hunn ass et wichteg, datt mer haut hei stinn. An engem Superwaljoer begréissen ech och all d'Vertrieder vun de politesche Parteien hei an et ass gutt, datt se eis nolauschtere kommen.

Well den 1. Mee ass a bleift den Dag vun de schaffende Leit! An dee muss gefeiert a geéiert ginn!

Fir d'Emanzipatioun vun de Schaffenden, fir hir Rechter, fir eng Welt wou jiddereen ouni Angscht an Ënnerdréckung senger Aarbecht kann nogoen.

Den 1. Mee ass och den Dag vum Fridden, an duerfir spillt deen Dag och haut, wou nees Krich an Europa herrscht, esou eng wichteg Roll.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den 1. Mee ass en internationalen Dag, dee keng national Grenze kennt.

An dat ass grad fir eis esou wichteg auszedrécken, wou mer an engem Land sinn, wou bal d'Hallschent vun de schaffende Leit Frontaliere sinn.

Wou mer dach an allen ekonomesche Secteuren esou drop ugewise sinn, datt eis Kolleegen a Kolleeginne Grenzgänger all Dag Kilometere vun doheem fortfuere fir hei schaffen ze kommen.

Wou mer wärend Covid nei geléiert hu wéi opgeschmass mer wiere wann se net iwwer d'Grenz kéimen. A wéi mer an Zäite vun Personalmangel iwwerall gesi wéivill mer op eis Kolleegen a Kolleeginnen ugewise sinn.

An awer si mer ëmmer erëm mat politeschen Entscheedunge konfrontéiert ginn, duerch déi iwwer 200.000 Salariéen, déi eise Räichtum hei matschafen, einfach ausgeschloss ginn. Bourses d'études, gratis Maisons relais, gratis Schoulbicher, gratis Kantinnen, Ënnerscheeder bei der Sozialversécherung, bei der Besteierung, ... alles dat sinn nëmmen e puer Beispiller vun den Diskriminéierungen deenen d'Frontalieren ëmmer nach ausgesat sinn.

*Et là je m'adresse particulièrement à vous, chers collègues françaises et français, vous qui êtes venus au rassemblement du 1er mai de l'OGBL ce matin avant d'aller ensuite manifester en France contre cette réforme des retraites de Macron foncièrement illégitime, anti-démocratique, injuste et inacceptable.*

*Et oui, l'OGBL est solidaire avec le front syndical en France et nous sommes présents depuis le premier jour de la lutte et nous le serons avec vous jusqu'à la victoire.*

*Nous avons aussi collecté de l'argent et rassemblé pas moins de 10.000 euros pour soutenir financièrement les grévistes qui n'ont plus de salaire depuis des semaines et n'en auront pas aussi longtemps que les grèves perdurent.*

*Ensemble nous ne lâcherons pas, chers collègues. Et je suis fière de ce mouvement de solidarité exemplaire de l'OGBL. Je remercie notre ami Pascal Debay, secrétaire de la CGT Grand-Est d'être présent avec nous aujourd'hui.*

*Face à l'attaque massive contre le système des retraites français, menée par le président Macron et le gouvernement Borne, plus de trois quarts des Françaises et des Français sont opposés à cette réforme. Depuis janvier, des millions de personnes se sont mobilisées à travers toute la France.*

*L'OGBL soutient donc pleinement et activement les mobilisations en France et nous demandons au gouvernement français de retirer son projet de réforme des retraites.*

*Et il s'agit aussi de mettre en garde le patronat luxembourgeois et ses alliés politiques: une attaque contre le système de pensions luxembourgeois entraînerait dans tous les cas une réaction similaire à celle des salariés français et de leurs syndicats.*

Jo, Kolleeginnen a Kolleegen,

dat hei ass och eng Warnung un d'Patronen zu Lëtzebuerg, déi elo och schonns no Pensiounsverschlechterunge jäizen, an un all hir politesch Alliéiert: den OGBL léisst keng Attacken op eise Pensiounssystem zou!! A wann se et probéieren, wäerten se et genee esou ze spiere kréie wéi a Frankräich.

Nee, de contraire muss passéieren. Mir brauche besser Renten.

Mir kënnen eis et dach net erlaben als räicht Land, datt eis Altersaarmut stänneg wiisst. Et kann net sinn, datt Leit, déi hiert Liewe laang geschafft hunn, am Alter net, oder bal net iwwert d'Ronne kommen.

D'Mindestrent muss onbedéngt an d'Luucht gesat ginn. Et mussen awer och all déi Punkte redresséiert ginn, déi 2012 bei der leschter Pensiounsreform verbockt goufen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et geet net just drëm ëmmer méi al ze ginn. Mir wëlle gesond a wierdeg al ginn. Eise Rentesystem muss verbessert ginn. Net verschlechtert.

A gesond wëlle mer och op der Aarbecht bleiwen. Et ass immens luewenswäert wann d'Politik sech elo vill wëll op d'Gesondheetspräventioun konzentréieren. Ganz nom Motto: Mieux vaut prévenir que guérir. Ma mir hunn eng Iddi wéi mer kéinte virsuergen, datt d'Leit manner krank ginn. Mir missten dofir suergen, datt d'Leit net krank ginn duerch d'Aarbecht. An dat géif bedeiten, d'Aarbechtszäit ze verkierzen an d'Aarbechtsrecht ze moderniséieren an un déi verännert Betriibswelt unzepassen.

De Burn-out Risiko geet an d'Luucht, d'Problemer vun de Leit fir Beruffs- a Privatliewen ënnert een Hutt ze kréie ginn ëmmer méi grouss, d'Aarbechtsintensitéit klëmmt a klëmmt...

Wa mer wëllen d'Situatioun vun de Salariéë verbesseren, wa mer wëllen erëm méi attraktiv gi fir méi Leit unzezéien, och aus der Groussregioun, da musse mer och eppes dofir maachen.

Ma Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauchen eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung.

Wat net heescht mir brauchen Etude wat aner Länner maachen. Mir mussen eis e Beispill un hinnen huelen an et einfach just duerchzéien.

Wat awer och net heescht, nämmlecht vill Stonnen anescht ze verdeelen, oder méi vun doheem aus ze schaffen. Mee wat einfach heescht manner Stonnen ze schaffen.

De leschte Mëttwoch huet de President vun der UEL op RTL sech zur Ënnerstellung hiräisse gelooss, datt den OGBL d'Antichamber vum Aarbechtsministère wär.

Wann den Här Reckinger Recht mat senger Ausso hätt, datt den Aarbechtsministère op den Takt vum OGBL géif danzen, da wär villes anescht gelaf.

Da wären déi versprache Reformen iwwert d'Kollektivvertragsgesetz, iwwert de Plan de Maintien dans l'Emploi, iwwert d'Sozialpläng, iwwert d'Faillitten an iwwert e Recht op d'berufflech Fort- a Weiderbildung scho längst op de Wee bruecht ginn!

Näischt dovun ass passéiert, sou datt een sech éischter d'Fro muss stellen, ob den Här Reckinger vun der politescher Realitéit iwwerhaapt eppes matkritt oder ob et him just drëms geet seng notoresch Gewerkschaftsfeindlechkeet an d'Fënster ze stellen.

Ass dat d'Form vum sozialen Dialog wéi d'Patronat sech en hei am Land virstellt?

Gewerkschaftsfeindlechkeet a sozialen Dialog schléissen sech géigesäiteg aus!

An Här Reckinger, dir hutt a Bezuch op d'Etude iwwert d'Aarbechtszäitverkierzung op RTL nach eng Falschausso gemaach: den OGBL huet grad esou wéi d'UEL iwwerhaapt näischt mat der Etude ze dinn.

Dat ännert näischt un der Tatsaach, datt sech den OGBL fir d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit mat vollem Lounausgläich asetzt.

Jo, Här Reckinger, d'Salariat, wéi schonns a senger ganzer Geschicht, kämpft mat senger Gewerkschaft dem OGBL fir besser Aarbechtsbedingungen, an dozou gehéiert och d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit an d'Schafe vu méi Zäitraum fir e bessert Liewen!

Eise gewerkschaftlechen Asaz géint Patronat a Kapital, déi haut wéi gëschter sech d'Zäit vum Salariat souwäit wéi nëmme méiglech an esou intensiv wéi nëmme méiglech ënnert de Nol rappe wëllen, bleift ongebrach a gëtt konsequent weidergefouert.

Mat oder ouni Etuden an onofhängeg dovu wien Aarbechtsminister ass oder wéi eng Parteien an der Regierung sëtzen!

Den OGBL verweist op d'Instrument vun de Kollektivverträg fir ugepasst un d'Bedingunge vum Secteur bis zum Betrib d'Aarbechtszäit an domat och Aarbechtszäitverkierzungen ëmzesetzen an ze organiséieren.

Dat ass a bleift de Kinnekswee.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dat ass grad eent vun deene wichtegste Gesetzer wou versot ginn ass eppes ze ënnerhuelen: d'Kollektivvertragsgesetz.

Well hei geet et ëm d'Fro vu Gerechtegkeet. Em d'Fro vun der Ëmverdeelung vum geschaafte Räichtum. Hei geet et ëm d'Léin, Kolleeginnen a Kolleegen. An d'Rechnung ass ganz einfach, do wou mer e Kollektivvertrag hunn, hu mer besser Léin. Mir brauche vill Kollektivverträg, am beschte sektorieller, fir besser Aarbechts- a Lounbedingungen.

An duerfir brauche mer eben och politesche Wëllen. A well elo leider souvill Joren näischt passéiert ass, wäerte mir genee drop kucken, wéi eng Partei sech an hirem Walprogramm fir eng Reform vum Kollektivvertragsgesetz asetzt!

An deem Gesetz brauche mer och e bessert Streikrecht, fir an deene Fäll wou de Patron offensichtlech d'Friddensflicht brécht, och kënnen ze streiken. E Recht op Warnstreik scho wärend de Verhandlungen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ee ganz aktuelle Konflikt, dee sech ukënnegt, dee weist, datt d'Gesetz muss iwwerschafft a gestäerkt ginn, ass dee bäi der Cargolux.

Zur Erënnerung, eng Firma mat majoritär staatlechem Aktionariat. Hei huet d'Direktioun dat grondsätzlecht Recht vun de Gewerkschafte fir op d'Schlichtung ze goen a Fro gestallt. No iwwer 10 Méint Verhandlungen ouni Accord an dem Refus vun der Direktioun, trotz Rekordbeneficer, iwwer Gehaltserhéijungen a Jobgarantie ze schwätzen, stellen si a Fro, datt d'Conciliatioun sech dem Dossier ugeholl huet a ginn dogéint op d'Geriicht. Dat ass eng flagrant Attack op e weesentlecht Instrument vum Sozialdialog zu Lëtzebuerg an op d'Streikrecht.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Och am Secteur vum Commerce, vun de Garagen a vun der Horeca weist sech ganz konkret wisou mer en neit Kollektivvertragsgesetz brauchen. Nëmmen 38% vun de Salariéen am Handel, an 21% vun de Salariéen am Horeca-Beräich si vun engem Kollektivvertrag ofgedeckt. Do si mer wäit vun deem ewech wat EU-Kommissioun virschreift, déi jo als Zil 80% gesat huet.

An och wann den OGBL hei an de leschte Joren eng ganz Rei nei Kollektivverträg ofgeschloss an iwwer 1000 nei Salariéen esou ofgedeckt hunn, brauche mer endlech eng sektoriell Verhandlungsflicht.

Et kann net sinn, datt d'Patronat, wei am Horeca-Beräich, einfach refuséiert, mat eis ze verhandelen, oder, wei an der Restauration collective, d'Verhandlunge mat Absicht schleefe léisst!

D'Regierung hat an hirem Koalitiounsprogramm eng Reform versprach, ausser enger weiderer Etude ass hei näischt geschitt.

Et muss endlech eppes geschéien!

Een anert Gesetz dat elo séier muss kommen, ass e Gesetz iwwer d'Plattformaarbecht! D'Patronat ass zwar der Meenung, datt dat keng Urgence ass, mee d'Realitéit ass eng aner! Iwwer 2000 Leit schaffen zu Lëtzebuerg elo scho fir Liwwerplattformen a ginn als Schäiselbststänneger do bis op d'Knachen ausgebeut.

Bis zu 60-70 Stonnen d'Woch gëtt hei geschafft, fir um Enn vum Mount mol net op de Mindestloun ze kommen. Kee bezuelte Congé, keng Sozialversécherung, kee Recht op eng Personaldelegatioun oder e Kollektivvertrag, a wie krank ass muss trotzdeem schaffen oder verdéngt kee Geld. Dat muss elo séier ophalen, éier de Phänomen sech breet mécht - an d'Gesetz muss dofir séier kommen!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir liewen an enger globaliséierter Welt, wou d'Liwwerketten ëmmer méi onduerchsichteg a komplex ginn. An esou enger Welt musse mir sécherstellen, datt duerch d'Aktivitéit vun de Betriber hei am Land, d'Mënscherechter net anzwousch anescht op der Welt mat Féiss getrëppelt ginn.

Mir mussen eis Entreprisen a Finanzinstitutiounen an d'Verantwortung huelen, a kontrolléieren, datt et an hirer ganzer Chaîne de valeur net zu Ausbeutung, Kanneraarbecht, Mënscherechtsverletzungen an Ëmweltschied kënnt.

An dat kann nëmmen iwwert en nationaalt Gesetz zum „devoir de vigilance" geschéien!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir hu schwéier Zäiten hannert eis, a mir, déi schaffend Leit, d'Rentner, hir Familllen, sinn zum groussen Deel déi Gebeidelt vun de Krisen déi mer duerchliewen.

An dat ass ëmmer erëm sou an der Geschicht. Verloschter ginn ëmmer probéiert un de Leit auszeloossen, no all Krisen:

- an den 80er Sozialofbau als Äntwert op d'Globalisatioun,
- duerno Austeritéitspolitik als d'Äntwert op d'Weltwirtschaftskris,
- elo Kafkraaftverloschter als Äntwert op d'Energiekris.

Haut spieren d'Leit bis déif an d'Mëttelschicht eran d'Kafkraaftverloschter am Portmonni. Alles gëtt méi deier. A gläichzäiteg kréie mer nach Angscht gemaach:

- de Krich riskéiert ze eskaléieren an ni op en Enn ze goen,
- Energie- a Gasversuergung gi knapp,
- de globalen Handel wäert abriechen, duerch verschäerften Handelskonflikter, déi entstoe kënnen,
- d'USA wäerten duerch hiren Inflation Reduction Act Europa futti maachen,
- d'Inflatioun kréie mer ni an de Grëff,
- a schlussendlech kënnt déi grouss Rezessioun, wou dausende vu Leit hir Aarbechtsplaz verléieren.

Duerfir solle mer léiwer roueg sinn. De Ball flaach halen. Frou sinn, datt mer iwwerhaapt dierfe schaffe goen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir hunn et ëmmer erëm betount an de leschte Méint, mir sinn NET an enger Rezessioun. Ëmmer méi Wirtschaftsexperte rechnen och net mat enger kommender Rezessioun.

An ee Secteur wou elo speziell schwaarz Wolleke gemoolt ginn a Weltënnergangsstëmmung verbreet gëtt ass dee vun der Industrie.

No der katastrophaler Annonce vun den Aktionären op der Sich no Profitmaximéierung bei Dupont DTF an Husky, datt si wëlle massiv Leit entloossen, huet den OGBL séier gehandelt. An et duerch den Asaz vun de Beschäftegten an der grousser Solidaritéit fäerdeg bruecht, datt elo de Wee vum „maintien dans l'emploi" gewielt gëtt.

A mir vergiessen och net déi bal 170 Salariée vu Liberty Steel. Gefaange vun engem Patron, dee mer net wollten an deen e gudde Betrib an de Ruin dreift, nëmme well hie selwer iwwerschëlt ass. D'Leit wëlle schaffen. Si wëllen eng Zukunft. Deen eenzege Problem ass de Patron, dee refuséiert d'Wierk ze verkafen an em esou eng Zukunft ze erméiglechen. D'Situatioun Liberty resuméiert ganz gutt all Défaillance vun der Europäescher Industriepolitik.

D'Regierung an d'Fedil selwer hu confirméiert, datt de Secteur net an enger allgemenger Kris stécht. Mee den OGBL mécht en Appell un Patronat aus dem gesamte Secteur, elo zesummen dofir ze suergen, datt de Secteur och an der Zukunft gutt opgestallt ass. An och méi Leit wëllen dra schaffe kommen. An dat geet nëmmen am Sozialdialog. Wann d'Gewerkschaften an d'Personaldelegéierten eescht geholl ginn. A mat abezu ginn.

An d'Entreprisë mussen och an d'Verantwortung gezu ginn! All staatlech Hëllefen a Subventioune mussen och u Konterpartië gebonne ginn. Kee Blankoscheck fir Investisseuren, déi duerno wëlle Leit entloossen!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Eng gréng an digital Industrie vun der Zukunft kann nëmmen eng si mat gudden Aarbechtsplazen. Dat geet nëmme mat eis an net ouni eis!

En anere Secteur wou elo Drock gemaach gëtt, ass dee vum Bau. Eis Kolleeginnen a Kolleege si grad a ganz schwierege Kollektivvertragsverhandlungen an hirem Secteur. Dee sécherlech an enger spezieller Situatioun ass, mee wou een awer och net vun enger allgemenger Kris schwätze kann.

Säit Méint, probéiert d'Patronat duerch hire Katastrophismus d'Verhandlungen an d'Längt ze zéien an doduerch seriö Diskussiounen ze sabotéieren. D'Lescht Woch hu mir dem Patronat en Ultimatum gestallt. Wann si elo net ganz konkret a seriö Virschléi op den Dësch leeën, dann huet eist Syndikat Bau an Handwierk decidéiert all déi néideg gewerkschaftlech Aktiounen an d'Weeër ze leede fir deenen 20.000 Leit hir Salairen an Aarbechtskonditiounen ze verbesseren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir dierfen net abrieche virun der allgemenger Panikmaacherei. Mir mussen eis wieren, elo handelen, virsuergen, datt et eben net zum Worst case kënnt. An duerfir brauche mer eng staark Gewerkschaft. An duerfir steet den OGBL.

Well jo, d'Gewerkschaft kann eppes erreechen, dat hu mer bewisen a wäerte mer weider beweisen.

An si probéieren d'Gewerkschaften ëmmer erëm kleng ze schwätzen. Mee et ass de Contraire, si kennen e ganz neien Opschwong.

An nee, eng Gewerkschaft kann ni neutral sinn. Si däerf et net si wann si hiren Job wëll maachen, sech asetze fir d'Interesse vun de Leit. A wann dann eng kleng korporatistesch Gewerkschaft aus dem Finanzsecteur de Leit wëll verklickeren si wieren elo an alle Secteuren op der Sich no soi-disant „neutralen" Delegéierten, well si sech selwer als soi-disant „neutral" verkafen, da weisen si kloer domat, datt si net verstan hu wat et heescht eng Gewerkschaft ze sinn. Et geet souguer nach méi wäit, si (Aleba) maachen näischt anescht wéi d'Leit ze splécken.

An elo, 1 Joer virun de Sozialwalen, wou mer all an de Betriber an an der Chambre des salariés eist Kräiz op d'OGBL-Lëscht maache wäerten, ass et einfach nëmme bedauerlech, datt elo erëm souvill Energie an Zäit dropgeet sech ënnerteneen ze bekämpfen amplaz all zesummen eis Stäerkten an enger Eenheetsgewerkschaft am Sënn vun de Leit anzesetzen.

Wa mer vu vereente Kräfte schwätzen, kann et net sinn, datt eng aner Gewerkschaft eis ausschléisst aus Verhandlungen.

De Georges (Merenz) huet et schonns ugangs gesot : den OGBL wäert net labber loossen, fir datt e bei den nächste Verhandlunge vum Accord salarial am ëffentlechen Déngscht mat um Verhandlungsdësch sëtzt.

Zéngdausende Salariéen hänken of vun deem Accord an dat a Secteure wou den OGBL an de Landesverband majoritär, jo largement majoritär sinn: d'Salariée bei Staat a Gemengen, d'Gesondheet an d'Sozialwiesen, d'Eisebunn. Net ze vergiessen, déi dausende Fonctionnairen – Tendenz steigend – déi am OGBL organiséiert sinn, z.Bsp. am Enseignement oder bei der Police.

Et ass also inakzeptabel, datt den OGBL vun deene Verhandlungen ausgeschloss gëtt.

Mam OGBL wier et keng 80/80/90-Reegel ginn, kee Bewäertungssystem beim Staat an och keng Opwäertung vun de niddrege Carrièren, déi just op ee Joer limitéiert ass an dann erëm verschwënnt. Dës Opwäertung vu 5% op deenen éischten honnert Punkte muss dauerhaft am Barème bleiwen. Dat wier och ee positiivt Signal fir d'Lounentwécklung hei am Land insgesamt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Well och an eisem schéine privilegéierte räiche Lëtzebuerg gëtt et nach vill Ongerechtes, vill Leit déi net iwwer d'Ronne kommen, bis déif an d'Mëttelschicht era mat Kafkraaftproblemer konfrontéiert sinn.

Leider gëtt et awer och ëmmer méi Aarmut, méi Leit déi schaffen an trotzdeem aarm sinn.

An deem muss grad elo entgéint gewierkt ginn.

Eise Mindestloun läit

- ënnert deem, wat esouguer de Statec seet wat de Minimum ass fir hei am Land ze iwwerliewen,

- nach méi ënnert deem wat d'EU-Direktiv virgesäit,

- nach vill méi wäit ënnert deem, wat deen erschafene Räichtum vun de Leit mat Mindestloun ass.

An dësem Sënn, brauche mer och elo endlech déi vum OGBL schonn zënter 2015 gefuerdert Erhéijung vum Mindestloun ëm 10%. Dat ass noutwendeg, dat ass gerecht, dat ass laang iwwerfälleg.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wa mer bei de Léin sinn, wat wier eng 1. Mee Ried ouni Index. Hei brauche mer awer dofir just 1 Saz:

Net manipuléiert, net verréckelt, net verännert, net gedeckelt dierf e ginn. Also, d'Fangeren ewech vum Index!

Méi gëtt et net dozou ze soen.

Mir kommen awer och net derlaanscht fir iwwert eng vun de gréissten Ongerechtegkeeten an eisem Land ze schwätzen: d'Wunnen.

Well déi aller allermeescht verschëlden sech hiert ganzt Liewen a ginn dee gréissten Deel vun hirem Revenu aus fir en Dag iwwert dem Kapp. An e klenge Grapp vun Ultraräiche verdéngen sech gëllen Nuese mat der Spekulatioun vun engem Grondbedierfnis.

Bezuelbare Wunnraum brauche mer. Loyeren, déi reell gebremst ginn. A Spekulanten, déi wierklech bei d'Keess gebiede ginn. Hei hu Regierungen u Regierunge versot. Déi nächst dierf dat net, Kolleeginnen a Kolleegen. Dat loosse mer net zou.

An dann, Kolleeginnen a Kolleegen,

wa mer wëllen eng méi sozial gerecht Gesellschaft, ass et iwwer eng gerecht Steierpolitik wou een endlech eng Ëmverdeelung vun uewen no ënne ka maachen.

Am Walkampf muss elo all Partei, déi vu sech behaapt, datt se sech géint sozial Ongläichheet asetzt, Faarf bekennen.

Den OGBL ass fir ee finanzstaarke Staat, dee genuch Suen huet fir alles dat ze finanzéiere wat fir eng fortschrëttlech Gesellschaft noutwendeg ass: d'Finanzéierung vum Sozialstaat, d'Finanzéierung vun den ëffentlechen Déngschtleeschtungen, d'Finanzéierung vun allen Investitiounen, déi eis an eng klimaneutral Gesellschaft mat engem héije qualitative Wuelstand féieren.

Dofir brauch de Staat genuch Steierrecetten. Mir sinn als OGBL net fir en Ofsenke vun dëse Recetten. Mee mir sti fir méi Steiergerechtegkeet, well mir sinn haut wäit dovun ewech.

Mir brauchen:

Éischtens, eng Persounebesteierung mat enger Steierprogressioun, déi déi kleng Revenuen entlaascht, de Mëttelstandsbockel offlaacht an déi héich, a virun allem déi ganz héich Revenue méi staark, bis zu engem Spëtzesteiersaz vu 50%, besteiert.

Zweetens, muss d'Schéier tëscht der Besteierung vun de Léin an dem Kapital méi kleng ginn. Een neien Equiliber muss entstoen.

Drëttens, däerf ee weidert Ofsenke vun der Betribsbesteierung net passéieren! Am Contraire. Et däerf keng gesellschaftlech Optioun méi sinn, datt d'Gewënnmilliarde vu Groussbetriber a multinational Konzerner sech der Besteierung entzéien.

Véiertens, verlaangt d'Kris vum Logement, vum Wunnen, dréngend eng fiskalesch Lenkung, déi d'Spekulatioun am Immobiliëberäich decisiv brécht!

An zulescht, fënneftens, muss eng Steierreform dat maache wat d'Steierreform vun 2017 net gemaach huet. Nämlech d'Aféierung vun engem Mechanismus vun der automatescher Upassung vum Steierbarème un d'Inflatiounsentwécklung.

Déi kal Progressioun huet d'Salariat schwéier getraff. Och wa mir als OGBL an der leschter Tripartite erreecht hunn, datt 2,5 Indextranchen am Steierbarème berécksiichtegt ginn, feelen der nach 4,5 a um Enn vum Joer 2023 wäerten et der 5,5 sinn!

Oder fir et a Geld auszedrécken: beim Beispill vum Duerchschnëttsloun vu 5.000€ brutto monatlech frësst déi kal Progressioun weiderhin 1.646 € netto am Joer!

1996 huet de Jean-Claude Juncker, an 2012 de Luc Frieden déi deemoleg Automatisme vun der Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun liquidéiert. Elo muss där sozialer Ongerechtegkeet een Enn gesat ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Ongläichheete gëtt et net just an der Aarbechtswelt, si fänke schonns vill méi fréi un.

Mir hu leider ee Bildungssystem, deen d'Ongläichheete weiderverierft oder souguer nach verschlëmmert.

De Bildungsminister verschäerft als gudde Liberalen déi Ongläichheeten duerch méi Konkurrenz tëscht de Schoulen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

De Beruff vum Enseignant muss nees méi attraktiv gemaach ginn amplaz, datt en ëmmer méi bradéiert gëtt, wéi elo duerch déi nei Formatioun vum Quereinsteiger.

Dat selwecht gëllt beim sozio-edukative Personal am Beräich Kannererzéiung: Bradéiere vun den Diplomer fir d'Paien sou niddreg wéi méiglech ze halen, dat op Käschte vun der Qualitéit an der Kannerbetreiung.

Den OGBL ass och géint eng Verlängerung vun der „obligation scolaire", déi just dra besteet déi Jonk ab 16 Joer, déi eigentlech net méi an d'Schoul wëlle goen, nach 2 Joer an enger Aart privat bedriwwener Crèche fir Jugendlecher ze halen. Déi Jonk mussen de Choix behalen, fir selwer hire Wee ze wielen.

Schlussendlech, wëlle mer och eng Gesellschaft, déi d'Handwierk méi wäertschätzt andeems d'Beruffsausbildung opgewäert gëtt.

Just op eng akademesch Orientéierung setzen, ass een Holzwee. Dofir muss d'Beruffsausbildung reforméiert ginn.

Bis hin zum Meeschterbréif, deen endlech op den nämmlechte Qualifikatiounsniveau muss gehuewe ginn, wéi dat z.Bsp. an Däitschland de Fall ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Nieft den Investitiounen an eis Educatioun, brauche mer der och an eise Sozial-, Fleege- a Gesondheetssecteur.

Eng Gesellschaft léisst sech dru moossen, wéi se mat hire Kanner, Kranken a Fleegebedierftegen ëmgeet. An hei dierf kee Business mat hinne gemaach ginn.

Eisen ëffentlechen, solidaresch finanzéierte Gesondheetssystem muss gestäerkt ginn a weider ausgebaut an net zeréckgeschrauft ginn.

Mam OGBL kënnt et net an d'Tut, datt Leeschtunge verschlechtert ginn oder eng Zwouklassemedezin agefouert gëtt fir Suen ze spueren.

Fir datt dëst garantéiert gëtt, muss de Gesondheets-, Fleege- a Sozialsecteur ëmmer an ëffentlecher Hand sinn an däerf net u Privatkonzerner ausgelagert ginn.

Duerfir musse mer genee oppassen, well an deem engen oder anere Walprogramm wäert een esou Privatiséierunge vum Gesondheetswiesen erëmfannen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wat Privatiséierungen op der anerer Säit fir d'Aarbechtskonditioune bedeit dat wësse mer och. Dat gouf och schonn a genuch Beispiller verdäitlecht.

An deem Secteur hat ee bis viru kuerzem am Staatslabo (LNS) den direkte Verglach. Hei goufen et nämlech Leit mat engem private Statut nieft deenen, déi nach als Fonctionnairen agestallt goufen. An dat fir manner Pai a manner Congé.

An duerfir ass et e groussen a wichtege Schratt, datt den OGBL den 1. Kollektivvertrag an der Geschicht vum LNS verhandelt huet.

Dat hei ass e wichtegt Zeeche fir ze weisen, datt mir et net akzeptéieren, wann d'Aarbechtskonditioune systematesch duerch Privatiséierungen attackéiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech erënneren drun, wéi mer nach all geklappt hu virun 2 Joer. Fir de Leit aus dem Gesondheets-, Fleege-, a Sozialsecteur Merci ze soen.

Säitdeem ass leider net vill geschitt.

Keen ausseruerdentlechen Euro méi ass säitdeem an dee Secteur vun dëser Regierung investéiert ginn!

An elo héiere mer wéi erëm an alle Walprogrammer d'Gesondheetsberuffler ernimmt solle ginn. Et ass Zäit net nëmme schéin ze schwätzen, mee och Neel mat Käpp ze maachen.

Mir brauchen endlech méi Leit.

Mir brauche Personaldotatiounen, déi dem reelle Besoin um Terrain entspriechen. Do wou et nach keng ginn, musse Mindestschlëssele festgeluecht ginn.

Esouwuel an der Unzuel vun de Leit, wéi och wat hir Qualifikatioune betrëfft.

Nëmmen esou kënne mer sécherstellen, datt de Patient déi beschtméiglech Versuergung kritt wann hien et am dréngensde brauch. Well wa mer beim Personal spueren, gëtt et deier op eiser Gesondheet.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir si frou haut e staarken OGBL ze sinn, deen zesummen hei steet fir d'Interesse vun de Leit ze verdeedegen.

An der Pensioun an natierlech op der Aarbechtsplaz.

D'Zäiten, déi elo op eis zoukommen, wäerte keng einfach ginn. Mir sinn eis dat bewosst.

Mee mir si prett. Fir dowidder ze goe wann et néideg ass. Dorunner soll keen zweiwelen.

Aarbecht unerkennen a se gutt bezuelen. Dat muss erëm an de Vierdergrond geréckelt ginn.

An dofir sti mer all, onofhängeg vu wéi engem Secteur.

Um 1. Mee musse mer drun erënneren, datt säit der industrieller Revolutioun d'Noutwendegkeet vun de Gewerkschaften ëmmer erëm a Fro gestallt ginn ass. Am Ufank vun auslännesche Gendaarme mam Gewier an der Hand an dunn lues a lues um Verhandlungsdësch.

Ëmmer wann et brenzeleg gëtt fir déi, déi sech duerch deenen aneren hir Aarbechtskraaft beräicheren, kënnt déi selwecht Litanei.

Et geet ëm d'Fro vum Matschwätzen. Vum Matsproocherecht. Et ass awer och d'Fro vum Gewiicht vum Eenzelen a vum Kollektiv.

Eleng kritt een sech net gewiert an duerfir muss een sech zesummendinn. Dat ass eist Recht a vun dësem Recht maache mer gebrauch. Dat ass Gewerkschaft, eng Garantie, datt een net eleng do steet wann ee Saache wëll verbesseren.

Den 1.Mee ass deemools zum Feierdag ginn, well genee op deem Dag fir eng Aarbechtszäitverkierzung gekämpft gouf. An dat ganz ouni Etuden. Dat war virun 137 Joer. Et ass un der Zäit e weidere Schratt ze goen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

An erlaabt mer, datt ech mech an engem Saz un eisen haaptamtleche Staff wenden: dir sidd genial! E grousse Merci fir ären alldeeglechen Asaz.

Kolleeginnen a Kolleegen,

An elo erëm fir eis all zesummen hei op der Plaz. Mir all zesumme sinn den OGBL. A mir all zesumme kënnen eis den Erausfuerderunge stellen. Am Interessi vun alle schaffende Leit, Rentner an hire Famillen.

Vive den 1. Mee!

Vive den OGBL!